



deenen aneren. An dofir sinn ech och frou, datt mer mat der Uni an och mat der Stad Lëtzebuerg, Madame Loschetter, jo och eng Crèche zesummen ass, wou och mat der Uni gekuckt gëtt, wéi d'Qualitéitsstandarden do sinn.

D'Familljen am Grenzgebitt hat den Här Berger ervirgeruff, an ech muss soen, Här Berger, ech weess net, wéi vill et der sinn. Mä ech weess net, ob d'Leit ëmmer ausrechne bis hannenhin, ob se net besser hätten zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Si ginn dohinner, a wa se bis gesinn, wat se alles net kréien, dann hu se zwar vläicht e bëlleegt Logement, mä si hunn esou vill aner sozial Leeschtungen net méi, sou datt ech do wierklech e bësse méi virsiichteg sinn, wann ech engem géif e Rot ginn, wéi dat ze maachen ass.

Just dem Spaass halber hat Der gesot, Dir hätt lech Zäit gelooss bis 2014, dat anert wier virun de Wahle gewiescht. 2014 ass och erëm virun de Wahlen. Dofir, wann Der et wëllt aféieren, da maacht et e bëssen éischter.

(Interruption)

Ah, ah, dat geet duer.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech hat jo gesot, datt mer eis sollen Zäit huelen, dat uerdentlech ze maache fir 2014.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- 2014. Ah gutt.

Also, wéi gesot, et ass awer virun de Wahlen. Mä et ass awer net dat, wat eng Roll spillt. Et ass éischter e bësselchen, well Der dat hei gesot hat.

Vernetzung, d'Madame Spautz hat do-robber insistéiert, an ech denken, datt dat ee vun deene wichtege Facteuren ass an deenen zwee neie Gesetzer, déi mer hunn, datt mer et fäerdeg kréien, datt wierklech d'Leit um Terrain matenee schaffen. Datt net siwen oder aacht Acteure sinn, déi sech ëm eng Famillje këmmere, mä datt dat och besser kéint funktionéieren.

An dann ze hoffen, datt mer och an der Tripartite effektiv, an do iergendeng Kéier kënnt jo dann der Moment der Wahrheit,

wou dann och jiddwereen hei muss Faarf bekennen, wéi wäit datt dat heite jiddwerengem eescht gemengt ass, oder wéi wäit mer dann awer op eemol ofwaarden, wann et a Kategorië geet, déi eigentlech jo net hei drënnerfalen.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Familljeministesch Merci. Domadder wäre mer um Enn vun eiser Diskussioun.

Motion 1

Mir hunn elo nach eng Motioun, déi vun der Madame Loschetter déposéiert ass, iwwert déi mer nach eventuell mussen ofstëmmen. Wëllt een zu där Motioun Stellung huelen?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Ech hat gesot, datt....

(Interruption)

Dofir ass et fir mech kee Problem. Also, ech weess net, ob Der dann nach musst

driwwer ofstëmmen. Mä fir mech ass et evident, datt mer dohinner ginn.

► **M. le Président.**- Madame Loschetter, ass dat esou an der Rei? D'Wuert vun der Madame Familljeministesch, datt se déi Reglementer mat an d'Kommissioun hält. Ass domadder Är Motioun...?

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), interpellatrice.**- Wann d'Madame Ministesch dat esou seet, dann huele mir dat esou un.

► **Plusieurs voix.**- Aaaahhh!


(Hilarité)

► **M. le Président.**- Gutt, da soen ech lech Merci. Domadder wär dese Punkt och ofgeschloss.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer erëm zesummen um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.12 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président • M. Michel Wolter, Vice-Président

Sommaire

- 6018 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Bettembourg et de Roeser
  - Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police: M. Gilles Roth
  - Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Fernand Diederich, M. Gast Gibéryen
  - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Heure d'actualité demandée par le groupe DP sur la scolarisation et l'enca-drement des enfants atteints de l'ADHS (Attention-Deficit/Hyperactivity Syndrom)
  - Exposé: M. André Bauler
  - Débat: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Jean Colombero
  - Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, M. Jean Colombero (parole après ministre), Mme Mady Delvaux-Stehres
- 6098 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exer-cice 2008
  - Rapport de la Commission des Comptes: M. Carlo Wagner (dépôt d'une résolution)
  - Vote sur la résolution (adoptée)
- Résolution concernant les comptes de l'exercice 2008 de la Cour des Comptes
  - Discussion générale: M. Lucien Thiel, M. Carlo Wagner, M. Félix Braz
  - Vote sur la résolution (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Dat ass manifestement net de Fall.

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mir de Projet de loi 6018 iwwert d'Ännerung vun den territoriale Limitë vun de Gemenge Beetebuerg a Réiser. D'Riedezäit ass nom Basismodell

festgeluecht. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Berger an Diederich. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

1. 6018 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Bettembourg et de Roeser

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat

dem Gesetzesprojet 6018 ginn d'Gemen-gegrenzen tëschent Beetebuerg a Réiser geännert. Keng vun deenen zwou Ge-menge gëtt dobäi méi grouss a keng Ge-meng gëtt méi kleng.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh! Aaaahhh!

► **Une voix.**- Mon Dieu!

(Hilarité)

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Et gëtt ganz einfach e géigesäitegen Tosch gemaach vu jeeweils fënnef ha, 54 a a 65 ca. A wéi et sech bei gudden Noperen esou huet, geet dat Ganzt ouni Soulte iwwert d'Bühn.

Här President, d'Ëmännerung vun dese Gemegegrenzen ass schonns am Dezember 2008 vun de Gemengerëit vu Beetebuerg a Réiser eestëmmeg gutt-geheesch ginn. Si muss awer duerch e Gesetz approvüiert ginn, dat verlaangt den Artikel 2 vun eiser Verfassung.

Wat sinn dann elo d'Ursaache fir dese Changement vun de Gemegegrenzen?

Et gëtt der eigentlech dräi un der Zuel.

Éischtens, d'Kläranlag STEP läit op der Ge-megegrenz tëschent Beetebuerg a Réiser. Dat féiert zu Schwieregkeete bei engem Ausbau, wou da gegebenenfalls zwou Baugenehmegunge jee no Lag vun de Gebaier noutwendeg sinn. Dofir ginn elo 5,12 ha Land vun der Gemeng Beetebuerg un d'Gemeng Réiser, fir dass déi ganz Kläranlaginstallatiounen op dem Gebitt vun der Gemeng Réiser leien.

Zweetens, beim Bau vun der Autobunn gouf et deemools verschidden Änne-rungen un der Strooss tëschent Bee-tebuerg a Léiweng. Haut leie véier Haiser un der Beetebuenger Strooss hannert dem Agangsschëld vun der Uertschaft Léiweng, also op dem Gebitt vun der Gemeng Réiser. Dës Haiser sinn un d'Waasser-leitungsréseauë vun der Gemeng Bee-tebuerg ugeschloss. D'Dreckschëchte ginn iwwert d'Gemeng Beetebuerg eidel gemaach an d'Kanner ginn och op Bee-tebuerg an d'Schoul. Praktesch sinn des Leit eigentlech Bierger vun der Gemeng Beetebuerg, mä administrativ gehéiere si awer zur Gemeng Réiser.

Hei gëtt elo d'Gemegegrenz esou ver-réckelt, dass des Insel, dem Kadaster no genannt Route de Livange, zur Gemeng Beetebuerg geschloe gëtt, an dofir d'Ge-meng Réiser 1,71 ha Land oftrëtt.

Drëttens a leschtens, eng ähnlech Situa-tioun hu mir laanscht d'Strooss, déi Richtung Helleng geet, südlech vun dem Beetebuenger Mäerchepark. Hei leien d'Seat-Garage an zwee Haiser op dem Gebitt vun der Gemeng Réiser. D'Müll-abfuhr an d'Waasserversuergung ge-schéien awer iwwert d'Gemeng Bee-tebuerg.

Hei cédéieren déi Réiser deene Beete-buenger 1,82 ha Land, fir déi Situatioun ze regulariséieren.

Fir den Tosch vun den Terrainen insgesamt ze équilibréieren, gëtt dann d'Gemege-grenz tëschent Beetebuerg a Réiser iwwert de Bann nach liicht verréckelt, esou dass keng Soulte méi ufält.

Här President, ech verweise fir de Rescht op mäi schréftleche Rapport, deen eestëmmeg an der Intérieurskommissioun ugeholl gouf an dee recommandéiert, dese Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech ginn dofir fir mäin Deel och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Gilles Roth Merci, an als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger age-droen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëilt dem Rapporteur fir säi kuerzen, awer pertinente Rapport Merci soen. Et ass elo sécherlech kee Projet, deen hei wäert d'Chamber grouss bewegen. Mä wann een awer aus där Géigend oder aus där Gemeng ass, da gesäit een, datt dat e ganz sënnavollen a pertinente Projet ass, well wien d'Situa-tioun um Terrain kennt, dee weess och enner anerem, datt d'Route de Livange an och deen Deel hanne bei der Route de Mondorf, deen ass esou wäit ewech, datt déi meescht Leit, wann ee se géif froen an der Gemeng, och guer net sech emol bewosst sinn, datt dat nach ëmmer, oder bis elo vläicht nach zéng Minutten zur Réiser Gemeng gehéiert, an dann zur Bee-tebuenger Gemeng.

Administrativ ass et jo och schonn esou, datt dat scho säit Laangem - mengen ech, de fréiere Beetebuenger Buergermeeschter kuckt mech elo ganz streng -, op alle Fall scho laang do en Accord war, datt eben d'Waasser an esou weider schonn u Bee-





tebuerg ugeschloss war, d'Schüler oder d'Kanner an d'Schoul do gaange sinn. Et ass also am Fong nëmmen eng Evidenz, déi mer hei dann och elo entériniéiere mat engem Gesetzesprojet.

Ech géif als Réiserbänner an als Deputéierte vu menger Fraktioun hei den Accord zu deem Projet ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Berger Merci, an als Nächste kritt d'Wuert den Här Diederich. Här Diederich, wann ech gelift.

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- Ech sinn net esou no bái wéi mäi Virriedner, mä ech war awer op d'Plaz kucke bei engem Rendez-vous mam Buergermeeschter vu Réiser.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- An ech kann nëmme soen, datt ech d'Opportunitéit vun deene Korrekturen nëmme ka begrëssen. Déi entspriechen jo och de concordanten Délibératione vun deenen zwou Gemengen.

Ech géif hei dann och den Accord brénge vun eiser Fraktioun no den Délibérationen, déi geschitt sinn ënnert der Autoritéit vun eisen zwee Kollege Buergermeeschteren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Diederich. An entre-temps fillt och den Här Gibéryen sech erausgefuerdert. Här Gibéryen, wann ech gelift.

**(Brouhaha et hilarité)**

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Rapporteur. An ech wëll och soen, datt ech de Buergermeeschter vu Réiser a vu Beetebuerg gutt kennen, an ech och deen Eck do ganz gutt kennen, wou deen Tosch do gemaach gëtt. Als ale Buergermeeschter vun der Gemeng Fréiseng wësse mer, datt mer weder u Beetebuerg nach un Diddeleng ustoussen, mä do läit nach eng kleng Straif vun der Réiser Gemeng.

D'Reiser Gemeng ass eng Grenzgemeng, déi stéisst mat 150 Meter un d'franséisch Grenz erun, an an deem Stéckelche gëtt elo getosch do. Do gëtt e Stéck vu Réiser Beetebuerg, mä et bleiwen awer nach ëmmer e puer Meter leien, fir datt d'Fréisenger Gemeng nach ëmmer net u Beetebuerg an un Diddeleng ustéisst,...

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...wat sécherlech schued ass fir déi zwou Gemengen.

**(Hilarité générale)**

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Nodeem all Riedner hei esou komplett war, ginn ech dovun aus, datt d'Regierung net méi vill ze soen huet. Trotzdeem nach d'Wuert un den Innenminister.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.**- Merci, Här President. Ech si frou, dass Dir dat esou spiert. Ech spieren dat och esou, dass an deem heite Projet eng grouss Unanimitéit war. Ech wollt awer trotzdeem dovun profitéieren, fir dem Rapporteur fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport Merci ze soen.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir feststellen, dass mer an deem heite Projet de loi zwee Problemer léisen, dass et also en einfachen, onproblematischesch Projet de loi ass, wou awer, wann ee géif d'Charte de l'autonomie communale oder d'Charte européenne vun der Autonomie communale invoquéieren, wou jo ëmmer gesot gëtt am Volleksmond, do muss elo e Referendum gemaach ginn.

An deem hei Fall ass kee gemaach ginn, well am Text, wann ech dat scho richteg wëll belichten, vun der Charte steet: «Protection des limites territoriales des collectivités locales: Pour toute modification des limites territoriales locales, les collectivités locales concernées doivent être entendues préalablement...» oder «consultées préalablement,....» - dat ass jo hei geschitt duerch eng Délibération am

Gemengerot - «...éventuellement par voie de référendum là où la loi le permet.» Hei an deem Fall war dat jo ganz onproblematischesch. Dofir ass dat also net geschitt.

Dofir sinn ech frou, dass mer dese Projet konnten esou séier evakuéieren am Interesse vun deene Bierger, déi an deene Lotissementer wunnen, respektiv vun de Bierger vun deene Gemengen, wat dee ganze Waasserréseau ugeet, Drénkwaasser an Ofwaasser.

Merci.

**(Brouhaha)**

► **M. le Président.**- Merci och dem Minister. Domadder wär d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 6018 ass ugehall mat 56 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Aktualitéitsstonn, déi d'DP-Fraktioun iwwert d'Aschoulung an den Encadrement vu Kanner, déi vun ADHS betraff sinn, ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84, Alinea 2 vum Chambersreglement festgehal a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véierelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Bauler, den Här Fayot, den Här Adam an den Här Colombero. D'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**2. Heure d'actualité demandée par le groupe DP sur la scolarisation et l'encadrement des enfants atteints de l'ADHS (Attention-Deficit/Hyperactivity Syndrome)**

**Exposé**

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eise Schoule falen ëmmer méi heefeg Kanner mat Verhalensstéierungen op. Genee Statistike gëtt et zu deem Phenomeen, wéi esou dacks hei zu Lëtzebuerg, net. Gewosst ass just, datt déi betraffen Elteren a Léierpersounen sech dacks mat deem Problem eleng gelooss spieren.

Net all Kand, dat eng Verhalensstéierung opweist, huet ADHS, dat heescht eng Aufmerksamkeitsdefizit-bezúungsweis Hyperaktivitéitsstéierung, wéi dat an der Fachsprooch heescht. Verhalensstéierungen kënnen och op Problemer an der Famill zrëckzeféiere sinn oder hu mat Ängshten ze dinn, déi ee Kand net eleng bewältigt kritt. ADHS ass keen neie Phenomeen. Dass ADHS awer als Stéierung diagnostizéiert an och deementspreechend behandelt gëtt, ass eng éischter rezente Entwécklung.

ADHS betrëfft normalerweis Kanner am Alter tëschent véier a 16 Joer. Et kann een dovunner ausgoen, datt tëschent 3 a 6% vun alle Schoulkanner am Alter tëschent véier a 16 Joer betraff sinn. Och wa sech ADHS dacks scho méi fréi bemierkbar mécht, esou gëtt dës Stéierung awer eréischt am schoulesche Kontext zu engem gréisseren Problem fir dat betraffe Kand, fir seng Elteren a seng Famill, fir seng Mateschüler a fir d'Léierpersonal.

Aus medezinescher Siicht soll ADHS näischt anescht wéi eng genetesch bedéngten, also ugebuere Stoffwiesselstéierung am Gehir sinn, déi zu Konzentratiounsschwierigkeete féiert. D'Kontroll iwwer sech selwer gëtt a Fro gestallt. Déi primär Symptomer sinn Opmierksamkeitsstéierungen, Impulsivitéit an Hyperaktivitéit. Zu deenen Haaptsymptomer kann een nach Niewesymptomer bäifügen, wéi zum Beispill Défaillancen an der Feinmotorik. En aner Symptom ass d'Vergieslechekeet, also e schlecht Kuerzzäitgediechtnes, wat dozou féiert, datt d'Kand schnell iwwerfuerdert ass.

Hei muss ee ganz kloer betounen, datt dat näischt mat engem niddregen Intelligenzquotient ze dinn huet, mä just mat de Konsequenze vun ADHS, dat heescht mat der Onfäegkeet, fir Informatiounen an Erlebnisse ze verschaffen. Dozou kënn als weider Symptom en niddregt Selbstwäertgefill. Wéinst sengem onpassenden Verhalen gëtt d'Kand vu senger Schoulkollege lénks leie gelooss, de Schoulmeeschter muss et zurechtweisen, am Schoulhaff erwächen aner Léierpersounen et bei Streidereien. Et kënn zum Däiwelskrees.

D'Kand huet sech net am Grëff, weess net, datt säi Verhalen vun aneren net kann akzeptéiert ginn. Et weess och net, wéi et et soll besser maachen. Dat féiert nees zu Schoulängscht. An dësem Ängscht féiert hirersäits erëm zu inadäquaten Verhalen.

Opgepasst: Genen erklären net alles! Dacks kritt e Kand d'ADHS-Etikett opgepecht ouni awer ADHS ze hunn. Et heescht dofir och den emotionale Kontext ze kucken, besonnesch doheem an der Famill. Et wier ze einfach, de Problem eleng um Kand festzemaachen. Well den Zappelphilipp kann och e Produkt vu sengem familiären Ëmfeld sinn.

E Kand, dat zum Beispill keng Bewegung doheem huet, dat verschafft se sech an der Schoul an ass entspreechend onroeg. E Kand, dat doheem nëmme wéineg Opmierksamkeet kritt, dat wëllt se an der Klass kréien an dat behëlt sech deementspreechend.

Här President, wann trotz verhaltenstherapeuteschen a psychosozialen Agrëffer keng Verbesserung ze verzechnen ass, da ginn am Fall vun ADHS dacks Medikamenter agesat. Methyphenidat, dat een zum Beispill am Ritalin erëmfënnt, ass d'Substanz, déi genotzt gëtt. D'Wirkung ass zimlech kuerz. No dräi bis fënnf Stonne mussen d'Kanner am Laf vun engem Schoulmoien eng zweet Dosis anhuelen.

Mëttlerweil gëtt et och Substanzen, déi d'ADHS-Symptomer virun allem an den éischte sechs Stonnen nom Anheule vum Medikament bremsen. Dëst Präparat ass fir déi betraffe Kanner eng Hëllef, kënnen si dach esou den Unterrecht an der Schoul besser suivéieren.

Et gëtt nieft dem Ritalin och nach aner Medikamenter, fir den ADHS ze behandeln. Do wär ënner anerem de Concerta ze nennen, dee méi eng laang Wirkung huet wéi de Ritalin, deemno also net esou dacks muss agehall ginn. Bis elo ass et awer esou, datt dese Produkt net vun der Gesondheetskeess rembourséiert gëtt. Firwat eigentlech net? Hei kéint ville betraffene Familljen, déi souwiso scho

finanziell e Kraaftakt mussen op sech huelen, fir hir Kanner an déi néideg Therapie kënnen ze schécken, séier a wirksam gehollef ginn.

D'Behandlung mat Medikamenter léist de Problem net an alle Fäll. Et gëtt ëmmer nees Fäll vun ADHS, déi esou evoluéieren, datt et onméiglech gëtt, d'Kand an enger normaler Schouklass ze betreiën. D'Léierpersonal ass wuel mat der Problematik vertraut a versicht och meeschtens alles ze ënnerhuelen, fir datt dat concernéiert Kand sech weider um Unterrecht bedeelege kann, also net direkt an eng aner Institution integréiert gëtt. Duerch e speziell Verhalen kann d'Léierin oder de Schoulmeeschter geziilt op d'Kand agoen an d'Reizer, mat deenen d'Kand net eens gëtt, reduzéieren.

Mir als DP mengen awer, datt et grad an deemem Beräich nach Verbesserungspotenzial an der Ausbildung vum Léierpersonal gëtt. Dofir wier ech och frou, wann d'Madame Minister eis géif soen, wéi dese Problem an Zukunft an der Ausbildung vun den Enseignanté soll ugaange ginn.

An etleche Fäll kann d'Situatioun awer esou staark eskaléieren, datt d'Léierpersonal sech net méi selwer hëllef kann. D'Klima an der Klass riskéiert dee Moment op d'Kopp ze geroden. En normal Schoulhal ass dann net méi méiglech. All Ustrengung, fir d'Kand an den Unterrecht ze integréieren, mësslängt, sou datt et mat Momenter oder fir méi laang aus der Klass muss erausgehall ginn. Spéitstens da stellt sech déi nächst Erausforderung: Wouhinne mam Kand?

An der Famill léist sech de Problem net, och d'Eltere sinn an esou enger Situatioun villfach iwwerfuerdert. Dacks landen dës Kanner an engem Foyer. Jugendlecher kommen a schlëmmen Fäll op Dräibur. Dës Arichtungen sinn awer net op den Traitement vun ADHS spezialiséiert. Hei kann de Problem also net adequat behandelt ginn. Et feelt deemno och hei am Land u gëeegnete Strukturen.

Wann een awer weess, datt tëschent 3 a 6% vun de Schoulkanner am Alter tëschent véier a 16 Joer betraff sinn, dat kënnen hei zu Land graff tëschent 1.000 an 2.000 Kanner respektiv Jugendlecher sinn, da kann een där doter Situatioun net einfach nokucken. Iwwerens, mir sinn eent vun deene wéinege Länner, dat kaum iwwer statistesch Erhiewungen zu deem doten Thema verfügt.

Et heescht also Léisungen ze sichen, déi nohaltig sinn. Déi betreffen Elteren a Kanner brauche Begleedung vu kompetente Spezialisten. Et kann net sinn, datt mer schwierig Fäll einfach op d'Ausland ofwälzen. Dat léist souwiso d'Fäll net alleguer. An doriwwer eraus rappt et Elteren a Kanner raimlech ausereneen, wat zu weidere Problemer féiert. Ofgesi vun der raimlecher Trennung vun de Kanner an hiren Eltere stellt sech och d'Fro vum Käschtepunkt, wann ee weess, datt eng Ennerbréngung am Ausland an der Moyenne bis zu 5.000 Euro de Mount kaschte kann.

Mir als Demokratesch Partei verlaangen dofir net nëmmen eng breet Debatt iwwert d'ADHS-Problematik an den Ëmgank domat. Mir appelléieren doriwwer eraus och un déi zoustänneg Ministèren, fir aktiv ze ginn a gëeegnet Strukturen op d'Been ze stellen, respektiv datt bestehend Strukturen, wéi de Centre thérapeutique zu Zolwer an d'Arichtung vun der Croix-Rouge zu Biërg, déi eng exzellente Aarbecht maachen, awer nëmmen iwwer e Grappvoll Therapieplaze verfügen, ausgebaut ginn.

**(M. Michel Wolter prend la présidence.)**

Wuelwëssend, datt mir hei zu Lëtzebuerg net alles eleng kënnen maachen, kéint een an der Groussregioun eng entspreechend Institution op d'Bee stellen. Ähnlech wéi bei deem vun der Madame Brasseur initiierte Schengen-Lycée. Et heescht och, datt mer bestehend Servicer, wéi zum Beispill déi ambulante Pédopsychiatrie an der Kannerklinik, dezentraliséieren. Mir